ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 17/01/2025

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 9 Januar 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA	Rosie BRANDENBURGER (entschëllegt)	
Stefanie BLOCK	Sylvie GIERES-DEITZ (entschëllegt)	
Yolande EVERAD-GRAFF	Lydie RUPPERT (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Suzanne WEIS-COLLÉ (entschëllegt)	
Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)		
Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)		
Seth RUEF		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 8 November
3. Kaffistuff
4. Konferenz iwwert d' Fleegeversécherung
5. Bilan Seniore Feier
6. Summer Ausfluch
7. Fréijoer' s Sortie
8. Divers a nächst Dagesuerdnung

Helperknapp, 17/01/2025

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen begréisst. Véier Memberen haten sech entschëllegt.

Punkt 2 : Rapport vum 26 September

De Rapport vum 8 November 2024 gouf ouni weider Remark approuvéiert.

Punkt 3 : Kaffi Stuff

Mir wëllen den Datum vum 13 Februar bäibehalen, och wann nach net alles prett ass am 2te Sall vun der Amiperas. Mam Claude Mathekowitsch als dat gekläert. D' Gemeng ass jo och d'accord. Mir organiséieren déi éischt Kaffi Stuff. Et ass rappeléiert ginn, dat eis Präsidentin Kreatioun vun der Kaffi Stuff op der Senioren Feier annoncéiert hat. De Carlo kontaktéiert Mme Asselborn per Mail.

Héi déi wichteg Punkten déi mussen erleedegt ginn an ob déi mir mussen oppassen:

- Mir brauchen **sechs Dëscher mat Still**, duerfir brauche mir awer d' **Hëllef vun der Gemeng**
- Mat der Zäit, wa mer Succès hunn, kommen vläicht nach aner Miwwel dobäi
- Mir mussen **Gedrénks, Kaffi, Téi an Bakes** besuergen, an **froen op d' Gemeng hëlleft**. Mir mussen souwéisou e Modus Vivendi fannen mat enger Contributioun vun de Leit un de Fraisen, fräiwëlleg oder fir e moderaten Präis um Niveau vun den Akaf Käschten. Den eventuellen Iwwerschoss géint Ënn des Joers an e gudden Zweck!
- Fir Spiller an Animatioun suergt ufangs d' Kommissioun.
- Eng **Propose fir e Flyer gouf erstallt, a spéitstens bis den 20 Januar un den Här Munch ze schécken** ass, wa mir dann eens sinn mat der Ariichtung vum Sall. De **Flyer gëtt natierlech nëmmen un d' Senioren geschéckt**.
- Mir duechten jo eventuell un **eng Navette déi Leit kann ofhuelen**, mir sinn awer net sécher ob dat vun Eenzelen gefrot gëtt.

Helperknapp, 17/01/2025

Punkt 4 : Konferenz iwwert Fleegeversécherung

D' Konferenz ass organiséiert, de Flyer ass eraus. Mir treffen eis eng kléng Stonn virdrun an der Koll fir alles ze preparéieren. **Wichteg ass de Beamer mat engem Uschloss Kabel fir de Laptop.**

Punkt 5 : Bilan Senioren Feier

D' Kommissioun Memberen kruten nëmme positiv Réckmeldungen. Mir waren begeeschtert vun der Organisatioun an der angeneemer Stëmmung. De Service, de Kader an d' Iessen waren perfekt. D' Musek Begleedung vum Nico Haupert, den excellent Saxophon spillt, war ganz gutt un den Oflaf vun der Feier adaptéiert. Et gouf nom Iessen gedanzt an den Ofschloss vum Nomëtteg war géint 18h.

Punkt 6 : Summer Ausfluch

D' Corinne informéiert dat Gemeng den Ausfluch fir de 4. Juli festgeluecht huet. D' Reservatioun vum Schëff wier och schonn erfollegt. D' Rees soll dës Kéier a Richtung Tréier goen.

Punkt 7 : Fréijoer' s Sortie

Et soll rëm an de Kinoler goen. Den Termin soll no der Ouschtervakanz sinn, also leschten Drëttel Abrëll. Mir waarden awer nach ob den Accord vun der Gemeng!

Punkt 8 : Divers a nächst Dagesuerdnung

1. D' Corinne huet matgedeelt dat op Wonsch vun der Gemeng d' Senioren Feier dëst Joer sollt virum Chrëschtmaart vu Brouch stattfannen. Mir proposéieren den 29 oder 30 November. An der Zwëschenzäit

schéngt deen Datum net ze passen. Mir loossen der Gemeng de Choix fir als Datum, 1 Woch virdrun oder eng duerno festzehalen. D' Kommissioun këmmert sech ëm d' Musek an de Cado.

2. D' Stefanie huet als Sujet fir eng nächst Konferenz d' "Cyberkriminalitéit an aner Bedruchsmaschen" proposéiert. Et ass hautzudaags immens schwéier fir d' Leit, a notamment d' Senioren, fir d' onéierlech Absichten hannert diversen Aktivitéiten z' erkennen.
   Mir mussen eis informéieren wéi eng Instanzen mir duerfir kënne kontaktéieren.
3. Den Här Scheidweiler vum Gemenge Sekretariat huet eis e Mail vum Gouvernement weidergeleet iwwert Kreatioun vum "Service national d'information et de médiation dans le domaine des services pour personnes agées" genannt SIMPA.
   D' Kommissioun proposéiert dat dëse Bréif am nächsten Bued publizéiert gëtt.

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Bilan iwwert Fleegeversécherung Konferenz
- Resumé Kaffi Stuff
- Summer Ausfluch
- Fréijoer' s Sortie
- Divers

Nächst Sëtzung

27 Februar um 18h15, am Amiperas Sall um Lëtschert zu Béiwen